

Pressematdeelung vum 8. Mee 2018

- **D'ADR ass dergéint, datt Arcelor-Mittal forcéiert gëtt, Betriber ze verkafen, fir duerfen eng italienesch Entreprise ze iwwerhuelen.**
- **D'ADR ass dergéint, datt Decisiounen, déi eis national Wirtschaft esou staark betreffen, eleng vu Bréissel geholl ginn.**
- **Wär an der EU d'Souveränitéit vun de Natiounen respektéiert, wéi d'ADR dat verlaangt, wär d'Diddelenger Wierk haut net a Gefor.**

Den opgeblosene Pobeiertiger zu Bréissel brëllt a Lëtzebuerg kusch: Arcelor-Mittal muss sechs Betriber – dorënner d'Diddelenger Galvaniséierung - verkafen, fir en italienesche Stolproduzent dierfen opzekafen. Well Arcelor-Mittal seng Positioun um Weltmaart wëll stäerken, muss dee gréisste Stolproduzent no Bréisseler Bürokratelogik fir d'éischt Fiedere loosse fir seng eege Konkurrenz an Europa opzepäppelen. Eventuell kënnen net europäesch Konkurrenten profitéieren an och e gudde Präis erausschloen, well Arcelor-Mittal jo MUSS verkafen.

Dat eenzeg, wat um EU-Mëssmanagement verwonnert,, ass, datt hei d'Lëtzebuenger Sozialisten op d'Barrikade ginn. Soss lafe si mat hirem Bausseminister jo léiwer hannert der EU-Musek. D'LSAP denkt bei hirem Protest awer net un d'Aarbechter mee vertritt als Kapitalistepartei natierlech d'Intressie vun Arcelor-Mittal. An trotz hirer Trei zum Bréisseler Apparat stinn d'Sozialisten a besonnesch de Wirtschaftsminister zimmlech belämmert do, well schonn alles zu Bréissel decidéiert ass. Och wann eis Regierung e bësse mat de Flilleke geklappt huet, ass d'Bréisseler Diktat Gesetz. An och d'Gewerkschaften, déi soss gäre fräiwëlleg europäesch Topegkeete matmaachen, si vun därer séierer Decisioun géint d'Diddelenger Galvaniséierungswierk an aner Arcelor-Mittal-Siten iwwerrascht.

Wat geschitt mat deene Wierker a mat de Leit, déi do schaffen? Wéi wëll d'Kommissioun verhënneren, datt vum neie Patron Plazen ofgebaut oder d'Wierker zougemaach ginn? Wéi sënnvoll ass et, an Zäite vun der weltwäiter Globaliséierung no engem europäeschen Ekiliber tëscht de Stolproduzenten ze kucken? Wëll Europa kompetitiv Firmen um Weltmaart oder Firmen, déi an Europa net ze staark um Maart sinn? Wie garantéiert, datt dës Decisioun géint Arcelor-Mittal net vu nationalen europäesche Partikular-Interesse a vun deenen hire Stolproduzente ferngesteiert ass?

Fir Diddeleng ass den Dirigismus vu Bréissel net gutt. D'Ex-Galvalange hat am Kriseminett vun de 1980er Joren Symbolcharakter, als en Zeeche datt et eng Zukunft gëtt. Et hänke vill Schweess, Energie a Suen un där Lëtzebuenger Politik fir d'Stolindustrie. Dat zielt alles näischt fir den nächste Keefer mam Seege vun der EU, dee wahrscheinlech kee Bezuch zu Diddeleng an zum Land huet, jo wahrscheinlech emol net zu Europa.

Europäesch Betriber, déi sech um Weltmaart behaupten, si vill ze rar, fir datt Bréissel hinnen aus falsch verstanenen an net zäitgemässen „Wettbewerbs“-Iwwerleeunge Steng soll an de Wee leeën. Hätt d'EU-Kommissioun net besser, all Energie drun ze setzen, fir d'europäesch Industrie virum neien amerikanesche Protektionismus ze schützen, amplaz si ze schikanéieren? Muss Lëtzebuerg virum der Kommissioun kuschen, wann et ëm den eenzegen historesch gewuessene Weltbetrib vum Land geet? Oder ass et schonn esou wäit, datt d'EU-Kommissioun am Detail diktéiert, wat hei am Land ze geschéien huet. Fir d'ADR gëtt hei alt nees eis staatlech Souveränitéit ënnerlaf.